Service National de la Jeunesse

FAQ Covid-19

Jugendzenter Märjendall

Versioun du 28.10.2021

Basis vun dësem FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Ëmsetzung vun de Mesuren am Zenter fest. Als Basis gëlle d'Mesuren di am sanitäere Konzept fir parascolaire Aktivitéite vum SNJ vum 28.10.2021 festgehale sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech fir sech wärend sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach gi, falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

Inhalter

1. Wéini muss een eng Mask unhunn? 2
2. Wou kann een sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen? 2
3. Ginn et Restriktioune bei der Zirkulatioun um Site? 2
4. Wéi organiséiere mir den Accueil? 2
5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt? 2
6. Wéi funktionéiert d'Kantin? 2
7. Wéi funktionéieren d'Squaten? 3
8. Wéi organiséiere mir eis bei den Dortoiren? 3
9. Wéi gëtt d'Botze vum Zenter organiséiert? 3
10. Wéi vill Leit dierfen an di verschidde Reuniounssäll ? 3
11. Wei ass d'Iessen vum Personal organiséiert? 3
12. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gëtt? 3
13. Oplëschtung vun de Squats an der Kapazitéit vun de Säll 4

1. Wéini muss een eng Mask unhunn?

Op de Gäng an de Gebaier, de Sanitären an a Gemeinschaftsraim gëllt prinzipiell Maskepflicht.

An deene gebuchte Raim an op den Aktivitéite sinn d'Reegele laut sanitärem Konzept anzehalen.

Baussen um Site muss keng Mask gedroe ginn.

2. Wou kann een sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?

- An der Entrée vum Site steet e Spender mat Désinfectant.
- Op verschidde Plazen um Site ginn zousätzlech Wäschträch opgestallt.
- Op verschidde Plazen am Zenter steet Désinfectant fir jidder Notzer zur Verfügung.

3. Ginn et Restriktioune bei der Zirkulatioun um Site?

- Et gi keng allgemeng Restriktioune fir d'Zirkulatioun ausserhalb vun de Gebaier.
- Plazen a Raimlechkeete wou Gruppen sech ophale si vun anere Leit, di näischt mam Grupp ze dinn hunn, ze evitéieren.

4. Wéi organiséiere mir den Accueil?

- D'Personal an der Receptioun ass duerch eng Plexiglasscheif geschützt.
- Et dierf ëmmer nëmmen eng Persoun no der Aner an Sekretariat an Demande solle virun der Plexiglasscheif gemaach ginn. E Panneau virun der Dir weist d'Visiteuren heirobber hin.
- D'Badge gi no all Retour desinfizéiert.
- Fir d'Entgéinthuele vu Material wat vun Anere benotzt ginn ass, stinn dem Personal Händschen zur Verfügung.

5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?

- De Service technique stellt hei speziellen Désinfectant/Lingetten an Händschen zur Verfügung fir Material au besoin ze desinfizéieren.

6. Wéi funktionéiert d'Kantin?

- An der Kantin gëllt allgemeng Covid-Check.
- De Covid-Check gëtt an der Entrée vun der Kantin vum Personal kontrolléiert.
- D'Säitendier (côté fournisseurs) bleift zougespaart fir de Kontroll vum Covid-Check ze vereinfachen.

- Eng Affiche weist jiddereen drop hin dat virum Betriede vun der Kantin d'Hänn ze wäschen, bzw. ze desinfizéiere sinn. E Spender mat Desinfektiounsmëttel steet bei der Haaptentrée.

7. Wéi funktionéieren d'Squaten?

- All Grupp kritt ee Squat (Raum) fir d'Zäit vu sengem Openthalt zougedeelt dee vu kengem anere Grupp benotzt gëtt.

8. Wéi organiséiere mir eis bei den Dortoiren?

- An de Schlofraim kënnen all Better beluecht ginn.
- Bei enger Iwwernuechtung ginn d'Etagen am Dortoir jeeweils als Ganzt un ee Grupp verlount.

9. Wéi gëtt d'Botze vum Zenter organiséiert?

- D'Botzpersonal huet d'Uweisung all Büroen, d'Sanitären a besonnesch och di eenzel Points de contacts (Klenschen etc.) méi reegelméisseg, och mat Désinfectant ze botzen.

10. Wéi vill Leit dierfen an di verschidde Reuniounssäll ?

- Intern Reuniounen (SNJ) kënne bis 10 Persounen ouni Mask stattfannen. Ab 11 Persoune gëllt Covid-Check.
- Reunioune mat externe Participante mussen ëmmer ënner Covid-Check gehale ginn.
- D'Reuniounssäll gi no all Reunioun gelëft. Dëst soll vun der Persoun déi d'Reunioun aberuff huet, no der Reunioun assuréiert ginn.

11. Wei ass d'Iessen vum Personal organiséiert?

- Befier eng Manipulatioun an der Kichen (Geräter, Geschier etc.) gemaach gëtt, mussen d'Hänn desinfizéiert ginn. An de Kichen steet e Spender mat Désinfectant zur Verfügung.
- D'Personal ka säin Iessen an der Nuetseil oder an der Kichen am Bauerenhaus opwiermen an och do iessen.
- D'Freelances iessen an der Kiche vun der Schräinerei.
- Di pedagogesch Kichen dierf just am Kader vun Aktivitéite genotzt ginn.

12. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gëtt?

- Wann zwee Leit am Auto sëtzen ass de Mask unzehalen
- Et dierf ee net zu 3 op enger Bänk setzen. Och hei ass di maximal Distanz anzehalen.
- De Fuerer an de Bäifuerer sollen iwwer de ganzen Dag des selwecht Roll bäibehalen.
- Virum Fueren an duerno mussen d'Steierrad, de Schaltknëppel, d'Handbrems, d'Diirgrëffer, de Réckspigel an och den Tableau de bord mat de Knäppercher desinfizéiert ginn.

13. Oplëschtung vun de Squats an der Kapazitéit vun de Säll

Squat	Salle(s)	Sanitaires	Zone extérieure	Surface	Capaçité salle
Schräinerei	Schräinerei- Salle d'accueil	Schräinerei	Devant l'église	55 m^2	7 Tables à 4 personnes
Schreiberzelt	Tente de réception (jardins)	Conteneur jardins	Devant la tente	54 m^2	7 Tables à 4 personnes
Dome	Dome (jardins)	Conteneur jardins	Devant le Dome	45 m^2	4 Tables à 4 personnes
Dortoirs - Rdc	Fiischen	Dortoirs- rdc	Grande cour 1	46 m^2	5 Tables à 4 personnes 9 pers. assises à distance
Dortoirs 1 étage	Gehaansfénkelchen	Dortoirs 1 étage	Grande cour 2	60 m^2	7 Tables à 4 personnes 12 pers. assises à distance
Dortoirs 2 étage	Käizchen	Dortoirs 2 étage	Grande cour 3	60 m^2	7 Tables à 4 personnes 12 pers. assises à distance
Méliès	Méliès + Cuisine pédagogique	Conteneur Bauerenhaff	Devant Bauerenhaff	35 m^2	7 Tables à 4 personnes
Aisch	Aisch	Passage réfectoire	Cour Schmëtt-Réfectoire	130 m^2	8 Tables à 4 personnes 20 pers. assises à distance
Bauerenhaus	Scheier + Bauerenhaus	Conteneur Bauerenhaff	Cour Bauerenhaus-Schäfferei	51 m^2	6 Tables à 4 personnes 10 pers. assises à distance
Eglise	Eglise	Schräinerei ou passage réfect.	Cour Eglise et grande cour	214 m^2	28 pers. assises à distance